

## Léift Léierpersonal, léif Begleeder

Ier Dir iech elo kënnt ameséiren  
Wölle mir zwee iech mol beléiren

Mir wëllen d'Saach och kuerz hei maachen  
dass dir d>Show kënnt genéissen an aner Saachen

Zwee Joer ass et lo schon hier  
du stong d'Konferenz grad virun der Dier

De Christian Kohnen, dee mat ons léiert  
ass deemols schrecklech erféiert

D'Noriicht huet him d'Sprooch verschlo  
hee krut ons Klass, eng richteg Plo

Als Raiberband ware mir bekannt  
Zu Stengefort an duerch d'ganzt Land

De Christian wollt net agesinn  
dass heen elo dann op sollt ginn

Huet sech geduecht; dat packen ech ganz eleng  
; Die Doten kréien ech och nach kleng

Du koumen mir bei heen an d'Klass  
do war et schlëmmer wéi an der Mass

Ordnung, Léieren, Oppassen a roueg sinn  
Sou Saache waren ons friem, ewéi Disziplin

Mee et ass gaang, besser wéi geduecht  
An ons huet et ganz vill bruecht

Mir falen och haut nach aus der Roll  
mee hunn ons awer besser énnér Kontroll

Bei Ausrutscher, Pannen an émgefallene Skletter  
war de Christian émmer eise Retter

Hie war émmer fair, a fir eis do  
och wann mir munchnol waren eng richteg Plo

Merci soen wollte mir fir des 2 Joer  
och wann et iech kascht huet sou munscht grot Hoer

Vum Jean-Paul Rollinger kënne mir net vill soen  
Mir hunn e just mussen an der Geschicht erdroen

Mee hien ass och e feine Kärel  
a fir seng Klass eng richteg Pärel

Wéi am Film Speed fiert hie mam Bus  
dass jiddfereen dra biede muss

Koum een ze spéit aus der Paus gerannt  
Matt knaschtege Kleeder an d'Schung voller Sand

War d'Dier schon zou, alles gespaart  
De Jean-Paul hat net op ons gewaart

Mee laang war hien nie op ons sauer  
Well hien huet wéi de Christian Superpower.

Humor, Gedold an Nerven aus Eisen  
dat konnten die 2 lescht Joere beweisen

Fir ons sinn die 2 do ganz an der Rei  
Supersympathesch a guer net schei

Eppes anescht kéinte mir och net verdroen  
dat wollte mir iech just mol soen

D'Josée Wallisch a sain Här  
hu mir och von Häierze gär

Wat een iwwer déi zwee muss wëssen  
ass, datt mir se an der Schoul vermëssen

Beim Pol war Sport eng eenzeg Freed  
dofir deet et ons besonnesch leed

Dass hien elo d'Pensioun gehol huet  
dat fanne mir all schrecklech schued

Des Woch wäerte mir all net vergiessen  
eis Rees, d'Vakanz an dat gudd Iessen

Lo feire mir bis spéit an d'Nuecht  
dat hate mir eis sou geduecht

mir wölle sangen, danze, laachen  
a muer leider eis Saache paken

Fir Iech fir Ons all nach vill Chance  
an e Liewe wéi an der douce France

Vilmols Merci fir des schéi Vakanz  
an elo vill Spaass bei Musek an Danz

Der ganzer Equipe vun ons all  
e groussen HIP HIP HURRA